LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

**Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung an vum Wirtschaftsminister op d'parlamentaresch Fro n° 6288 vun den éierebaren Deputéierten Gilles Baum an Gusty Graas**

Am Joer 2021 gouf méi wéi d'Hallschent vun der nationaler Produktioun vu Koumëllech als Fräschmëllech vum Haff oder als ontransforméiert Fräschmëllech exportéiert.
D'Filière vun der BIO-Mëllech kennt änlech Maartproblemer wéi de konventionelle Mëllechsektor. Staark Konkurrenz vu präisgënschtegen auslännesche Mëllechprodukter bei eis um Maart an op der anerer Säit héich administrativ Hürden an eisen Nopeschlänner, fir BIO Fräschmëllech vun eise Molkereien exportéieren ze kënnen bis hin zur Schléissung vum Maart fir BIO-Mëllech.

Desen Tableau vum STATEC gëtt eng Iwwersiicht iwwert d'Evolutioun di lécht Joren vun den Exporter vu Lëtzebuerger Mëllech (konventionell a Biomëllech) vum Libellé *Lait et crème de lait, non-concentrés ni additionnés de sucre ou d'autres édulcorants*, en *Valeur (1000 €)*, en *Volume (kg)* an *Valeur Unitaire (€/kg)*.

**EXPORTATIONS DU LUXEMBOURG DE LAIT ET CRÈME DE LAIT**

| Libellé | Lait et crème de lait, non-concentrés ni additionnés de sucre ou d'autres édulcorants | | |
|---|---|---|---|
| Unité | valeur en 1000 € | volume en kg | valeur unitaire (€/kg) |
| 2017 | 110 741 | 260 591 100 | 0,42 |
| 2018 | 114 290 | 286 449 519 | 0,40 |
| 2019 | 117 944 | 283 410 383 | 0,42 |
| 2020 | 117 418 | 288 695 847 | 0,41 |
| 2021 | 134 157 | 291 651 180 | 0,46 |

D'Molkereien sin den Ament staark betraff vun de méi héijen Energiekäschten, awer och d'Verpakungskäschte si méi deier ginn. D'Loun- an aner Niewekäschten droen och nach zu méi héijen Ausgabe bäi. Als Genossenschafte wëssen d'Molkereien natierlech och gutt Bescheed, datt Dünger- a Fudderkäschten, fir nëmmen déi wichtegst ze nennen, op de Bauerebetriber staark geklomme sinn, a si mussen de Produzenten deemno och méi bezuele fir dat déi weider produzéiere kënnen. Dat alles zesumme mécht, datt d'Mëllechproduiten och musse méi deier ugebuede ginn.

Di detailléiert Ausbezuelungspräisser vun der Molkerei un de Bauer ginn um Internetportal vum Landwirtschaftsministère publizéiert. Den duerchschnëttleche Mëllechpräis (konventionell a BIO zesummen) ouni TVA louch de Mee bei 47,97 € ct pro kg Mëllech. Dee Präis kéint de Juni op iwwer 49ct/kg klammen.

## Monatlicher Erzeugerpreis für Milch (Konventionnell & Bio, in ct/kg ohne MwSt.)*

| Preis (ct/kg) | Jan | Feb | März | April | Mai | Juni | Juli | Aug | Sept | Okt | Nov | Dez |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 2022 | 42,03 | 42,58 | 44,63 | 45,75 | 47,97 | 49,05 | - | - | - | - | - | - |
| 2021 | 35,59 | 35,33 | 35,45 | 36,26 | 36,69 | 35,92 | 35,89 | 36,46 | 36,85 | 38,43 | 39,54 | 41,19 |

Den duerchschnëttleche Méllechpräis fir BIOMËLLECH ouni TVA louch de Mee bei 48,93 € ct pro kg Méllech.

## Monatlicher Erzeugerpreis für Bio-Milch (in ct/kg ohne MwSt.)*

| Preis (ct/kg) | Jan | Feb | März | April | Mai | Juni | Juli | Aug | Sept | Okt | Nov | Dez |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 2022 | 45,67 | 46,44 | 47,13 | 48,09 | 48,93 | - | - | - | - | - | - | - |
| 2021 | 42,24 | 42,33 | 41,88 | 41,94 | 41,82 | 42,12 | 42,14 | 44,33 | 44,57 | 45,59 | 46,15 | 45,23 |

Monatliche Milchstatistik - Agrarstatistik - Landwirtschaftsportal - Luxembourg (public.lu)

Momentan gesäit et ganz duerno aus, datt den Ausbezuelungspräis vun der Molkerei un de Bauer weider klëmmt. Di monatlech Publikatioun vun dëse Präisser um Internetportal vum Landwirschaftsministère erméiglecht et, den aktuelle Stand vun der Entwécklung ze verfollegen. Monatliche Milchstatistik - Agrarstatistik - Landwirtschaftsportal - Luxembourg (public.lu)

Duerch di staark gestiege Präisser vun de Produktiounsmëttel wéi Energie, Fuddermëttel an och Dünger klammen d'Käschte fir d'Produktioun vun der Méllech och staark un. Op d'Bauere lo profitéiere wäerten oder op d'Haussen op der Méllech net duerginn, fir di gestiege Produktiounskäschten ze decken, ka richt um Enn vum Geschäftsjoer jeeweils järlech beurteelt ginn.

Et ass den Ament nach ze fréi fir Schlussfollgerungen ze zéien wéi eng Konsequenzen d'Deierecht vun de Méllechproduiten op d'Consommatioun wärten hunn.

Lëtzebuerg, den 30. Juni 2022

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN